

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 28. Januar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

Mir ass rezent e Virfall zougedroe ginn, deen am Kader vun der Protektioun vun eeler Leit virum Covid-Virus eng Rei Froen opwerft. Et war deemno esou, datt eng Persoun vun engem Fleegeedéngscht e Bréif zougestallt krut, well déi Persoun, déi si betreit – eng eeler demenzkrank Damm vun 94 Joer – an der Presenz vum Mataarbechter vum Fleegeedéngscht keng Mask unhat. Am Bréif heescht et:

«Je vous prie dès lors de bien vouloir appliquer incessamment cette consigne! »

Et muss een allerdéngs an deem Kontext wëssen, datt et fir déi demenzkrank Damm praktesch onméglech ass, de Mask ze droen, well si sech dorunner verschléckt an net ootme kann.

Doriwwer eraus ass mir vu Mataarbechter vun engem Fleegeedéngscht zougedroe ginn, datt si um ganzen Tour, wou si Leit betreien, just eng, respektiv, zwou Masken vum betreffende Fleegeedéngscht zur Verfügung gestallt kruten.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Wéi ass et an den Ae vun der Madamm Minister ze veräntwerthen, datt eng demenzkrank Persoun, déi beim Droen vun der Mask praktesch keng Loft kritt, vum Fleegeedéngscht opgefuerdert gëtt, imperativement de Mask unzedoen?
2. Mat wéi enge Konsequenze musse fleegebedierfteg an un Demenz erkrankte Leit rechnen, wann si keng Mask unhalen? Kann de Fleegeedéngscht an deem Fall ofleenen, dës Persoun weiderhin ze betreien?
3. Gedenkt d'Regierung am Hibleck op déi uewe genannte Virfäll ze reagieren an esou eeler Leit, déi keng Mask kënnen droen, mat der néideger Dignitéit ze behandelen?
4. Kann d'Madamm Minister confirmieren, datt e Fleegeedéngscht senge Mataarbechter pro Tour just eng, respektiv, zwou Masken zur Verfügung stellt?

5. Wa jo, wär et an den Ae vun der Madamm Minister net opportun, ze reagieren an d'Fleegedéngschter dozou opzefuerderen, hire Mataarbechter méi Masken zur Verfügung ze stellen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten